n° 2561

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Alff Christian , 13:43, 17/07/2020

Lëtzebuerg, den 17/07/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mobilitéit & Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

A senger Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°1273 vum éischten Oktober 2019 hat de Minister fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten geäntwert, datt d'Pistenerneierung um Findel fir d'Fréijoer 2021 virgesi wär a ronn zwee Joer dauere wäerten.

Iwwert déi zwee Joer wäert all Nuecht am Fréijoer bis an den Hierscht eran tëschent 23h00 a 6h00 d'Landepiste um Findel zoumaachen, fir datt d'Piste da Meter fir Meter kann erneiert ginn. Dës Schléissung ass néideg, well um Findel jo nëmmen eng Piste existéiert, déi am Normalbetrib ab 6h00 erëm muss disponibel sinn.

Wärend der Coronakris ass vun Normalbetrib um Findel allerdéngs net ze schwätze gewiescht. Wéinst de Grenzschléissungen uechter Europa ass de Passagéierverkéier um Findel zum Stëllstand komm.

Nieft den Aktivitéiten am Cargoberäich goufen et just nach vereenzelt Trainingsflich, medezinesch Evakuéierungen vu Persoune mat Gesondheetsproblemer a Staatsflich, bei deene kee Cargo op- oder ofgeluede gouf, wéi de Minister eis op eis Fro n°2272 geäntwert hat.

An deem Zesummenhang wéilte mir de Ministeren dës Froe stellen:

1. Firwat huet Luxairport wärend dëser dach roueger Period um Findel net schonns mat der Pistenerneierung ugefaangen, wëssend, datt d'Erneierung ronn 2 Joer an Uschlag hëlt, et alternativ Landepisten an der Groussregioun ginn an een esou schonns e puer Méint hätt kéinte mat der Erneierung weiderkommen?

2. Wéi vill Fluchbeweegunge goufen et am Duerchschnëtt pro Dag um Findel

- virun Ufank vum Ausnamezoustand?
- wärend dem Ausnamezoustand?
- nom Ausnamezoustand?

| | |
|---|---|
| Mat déiwem Respekt, | Mat déiwem Respekt, |
| CLEMENT Sven<br>Député | GOERGEN Marc<br>Député |

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 17 AOUT 2020

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec
le Parlement

Service Central de Législation
Luxembourg

RECU
Par Alff Christian , 08:33, 18/08/2020

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°2561 du 17 juillet 2020 des honorables députés Messieurs Sven Clement et Marc Goergen, concernant la piste d'atterrissage de l'aéroport de Luxembourg, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch**
**Ministre de la Mobilité**
**et des Travaux publics**

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 247 93308

**Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlementaresch Ufro n°2561 vum 17. Juli 2020 vun den honorablen Députéierte Sven Clement a Marc Goergen iwwert „Piste d'atterrissage de l'Aéroport de Luxembourg"**

D'Erneierung vun der Pist um Fluchhafen ass e komplexe Schantjen, dee keng Improvisatioun erlaabt . Et ginn eng ganz Rei Marchéen, déi och op europäeschem Niveau mussen ausgeschriwwe ginn. Dës Prozedur (am Gesetz vum 8. Abrëll 2018 iwwert d'Marchés publics) gesäit präzis Délaie vir, déi agehale gi mussen. Et ass also onméiglech dës ze ëmgoen, fir eventuell méi séier mam Schantje virun ze kommen, och net aus Grënn vu COVID.

D'Zuele pro Dag leien eis net vir, mee op der Websäit vun der ANA sinn d'Statistike vun deene leschte Méint zougänglech fir Jiddereen. Et gesäit een do, datt d'Zuelen am Mäerz ugefaangen hunn erof ze goen – vun 6.278 Fluchbeweegungen fir 2019 op 3.985 fir 2020. Dat aggravéiert sech am Abrëll an am Mee, wou een nëmmen nach 1.148 an 1.727 Mouvementer huet pro Mount.